N°1655
Entrée le 21.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1655 vum 12. Dezember 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Wéi vill Orthophonisten hu mir aktuell hei am Land? Kann de Ministère eng geografesch Opschlësselung fir Lëtzebuerg virleeën?*

*2. Wéi huet d'Zuel vun den Orthophonisten hei am Land iwwert déi lescht 10 Joer evoluéiert?*

Déi follgend Statistike bezéien sech op d'Zuel vu praktizéierenden Orthophonisten zu Lëtzebuerg tëschent 2013 an 2023. Eng Persoun gëtt als praktizéierenden Orthophonist gezielt wa se fir dee Beruff eng Autorisation d'exercer vum Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet ausgestallt krut an och effektiv bei engem Employeur aus dem Gesondheetssecteur oder bei engem Employeur aus engem anere Secteur zu Lëtzebuerg de Beruff vum Orthophonist ausüübt[1].

D'geografesch Opschlësselung kann sech souwuel op d'Residenz vun dëse praktizéierenden Orthophonisten bezéien, wéi och op d'Géigend vun hirem Cabinet wann se liberal praktizéieren[2].

**Tabell 1 : Unzuel vu praktizéierenden Orthophonisten no Haaptwunnsëtz tëschent 2013 an 2023**

| Wunnsëtz | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Däitschland | 6 | 7 | 7 | 8 | 8 | 7 | 8 | 8 | 8 | 9 | 10 |
| Belsch | 17 | 18 | 18 | 20 | 23 | 23 | 24 | 29 | 31 | 38 | 37 |
| Frankräich | < 5 | < 5 | < 5 | 5 | 5 | < 5 | 7 | 9 | 12 | 15 | 19 |
| Lëtzebuerg[a)] | 46 | 49 | 62 | 64 | 72 | 87 | 98 | 98 | 105 | 111 | 121 |
| *dovun Dikrech* | *6* | *8* | *10* | *8* | *10* | *10* | *11* | *14* | *15* | *15* | *15* |
| *dovun Gréiwemaacher* | *10* | *10* | *12* | *13* | *12* | *14* | *14* | *15* | *17* | *15* | *16* |
| *dovun Lëtzebuerg* | *30* | *31* | *40* | *43* | *50* | *63* | *73* | *69* | *73* | *81* | *90* |

*a)* Fir Lëtzebuerg sinn d'Zuelen jee no Distrikt vum Wunnsëtz opgeschlësselt
*Quell : Datebank vun der sozialer Sécherheet, Berechnung IGSS.*

An der Tabell 1 kann ee gesinn, dass d'Unzuel vun de praktizéierenden Orthophonisten zu Lëtzebuerg tëschent 2013 an 2023 em bal 157% erop gaangen ass. Des Weideren ergëtt sech aus där Tabell dass am Joer 2023, 64,7% vun alle praktizéierenden Orthophonisten zu Lëtzebuerg wunnen. Am Joer 2013 louch dëse Prozentsaz nach bei 63,0%.

Fir déi liberal Orthophonisten ass et och méiglech d'Unzuel jee no Distrikt vum Cabinet opzeschlësselen (Tabell 2).

[1] Dëst beinhalt och Orthophonisten déi beim Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'Etat (CGPO) ugestallt sinn.
[2] Leider erméiglechen d'Date vun der sozialer Sécherheet net an alle Fäll de „lieu de travail" vun den ugestallten Orthophonisten ze bestëmmen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Tabell 2 : Unzuel vun de liberal praktizéierenden Orthophonisten no Adress vun hirem Cabinet tëscht 2013 an 2023**

| Distrikt Cabinet | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Dikrech | < 5 | < 5 | < 5 | < 5 | < 5 | < 5 | < 5 | < 5 | < 5 | < 5 | < 5 |
| Gréiwemaacher | < 5 | < 5 | 8 | 8 | 7 | 8 | 9 | 10 | 12 | 8 | 10 |
| Lëtzebuerg | 27 | 25 | 33 | 39 | 40 | 41 | 48 | 42 | 43 | 51 | 58 |

*Quell : Datebank vun der sozialer Sécherheet, Berechnung IGSS.*

*3. Ass der Ministesch bekannt, dass et am Moment zu grousse Waardeléschte bei Orthophoniste kënnt respektiv deels iwwerhaapt keng nei Patient:inne méi géifen ugeholl ginn, well einfach keng Disponibilitéite méi do sinn?*

*4. Huet de Ministère sech schonn eng Strategie iwwerluecht, wéi de Manktem un Orthophonisten esou séier wéi méiglech kéint behuewe ginn?*

Dem Ministère leie keng Donnéeën iwwert eventuell Waardeléschten an de liberale Cabinete vun Orthophoniste vir.

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez